Kolonie

Mallorca 2009

No engem Joer Paus war dëst Joer ërem en Kolonie op Mallorca an zwar mee genau zu Cala Ferrera am Hotel Ponent Playa. Den Départ war den 25. Juli moies fréi. Voller gudder Laun sin dei 8 Kanner an 2 Erwuessen begleed vun hiren 3 Betreier an der Directrice dem Véronique an den Flieger geklomm an hunn sech op 12 Deeg flott Vakanz gefreet. No knapps 2 Stonnen Vol an enger dreivéirel Stonn Bus waren mir am Hotel, deen esou zimlech alles gebueden huet wat een brauch fir en flott Vakanz ze machen.

Et war all Dag ëppes lass. Entweder hun mir am Hotel un den Aktivitéiten deelgeholl oder mir hun eis eegen Animatioun gemach. Do haten mir Schwëmm zur Auswiehl wou mir un den « Cocktailgames », um Wasserball, Dëschtennis, Aquagym, Mini-Golf an villem Aaneren deelgeholl hun.

Mir haten awer och eng fantastesch schéint Bucht beim Hotel wou mir des öfteren Mettes schwammen gangen sin. Do hun mir dann Sandbuergen gebaut oder mam Ball am Wasser gespillt an eis einfach gudd amüséiert. Awer mir hun och aner Ausflieg ënnerholl. Esou waren mir d'Cuevas del Drach (Drachenhöhlen) besichen, den gréissten ënnerierdeschen See an Europa den mir mat Musek präsentéiert kruten, an duerno woren mir den Hafen vun Porto Cristo kucken.

A puer Deeg virdrun haten mir en Sortie mam Katamaran « Starfish » gemeet. Mam Boot, deen e Glasbuedem hat, sin mir vun Bucht zu Bucht gefuer an zu Cala Figuera sin mir fir eng kuerz Escale vun Bord gaangen an hun glad vun der Gelegenheet profitéiert fir en Glace z'iessen. Um Réckwee as den « Starfish » emol kuerz stoenbliwwen an mir konnten vun der Rutschbahn hannen um Boot an d'Mier rutschen. Dat war en richtegen Pleiséier an fir zereck sin mir richteg op den Wellen geridden…gudd dass et kengem schlecht gin ass.

Donirft waren mir och Cala d'Or besichen, den flotten Yachthafen an och dei vill Geschäfter. Owes hun mir eis di flott Show'en am Hotel ugekuckt oder mir sin e bësschen trëppelen gaangen an hun ënnerwee nach eng Ronn Spiller gedréint…

An och d'Wierder war dei ganzen Zäit um Rendez-vous. Keen Reen an all Daag tëschent 30° an 35° Grad. Keen Wonner dass mir bronggebrannt heem komm sin. Mir haten all zesummen eng super Vakanz an d'ganz Equipe freet sech schons op nächst Joer……..

Véronique, Marco, Fabienne a Jeff